N°2013
Entrée le 05.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.03.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 5. Mäerz 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

D'Autobunnen A3 an A4 wäerten déi nächst Jore vu Chantiere markéiert sinn. Den Ausbau vun der Autobunn A3 soll bis 2030 ofgeschloss sinn. Fir dat ze garantéieren, ass et wichteg, dass déi verschidden Etappe wéi geplangt ofgeschloss ginn. Bis Enn 2024 hätt den éischten Tronçon Gaasperecher Kräiz - "Aire de Berchem" sollen ofgeschloss sinn, wat awer nach net richteg ze gesinn ass. Dobäi kënnt, dass déi provisoresch Spuereféierung tëscht dem Gaasperecher Kräiz an der neier Eisebunnsbréck zu geféierleche Situatioun féiere kann, virun allem a Verbindung mat schwéiere Gefierer.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Wat sinn d'Ursaachen dovun, dass de genannten Tronçon nach am Chantier ass?
- Wéini ass mam Ofschloss vun dësen Aarbechten ze rechnen?
- Wäerten déi zukünfteg Bauphasen dem Plang no fäerdeg gestallt ginn ?
- Wéi ass de Fortschrëtt vun de Bauaarbechten op der A4? Wat sinn déi nächst Etappen, déi ufalen?
- Wäert versicht ginn, d'Chantiere vun der A3 a vun der A4 openeen ofzestëmmen, fir de Beruffstrafic ze entlaaschten?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu